

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

An der Woch vum 11. bis de 15. Oktober 2021 krute vill Leit hei am Land ee Bréif vun der Regierung, an deem si opgefuerdert ginn, sech impfen ze loossen. An deem Bréif heescht et: „Sollt Dir nach net geimpft sinn, dann ass et elo esou einfach ewéi nach ni, dat nozehuelen.“ Dëse Bréif gouf allerdéngs net just un ongeimpft Mënsche geschéckt, mee och u Leit, déi scho geimpft sinn.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

- 1) Iwwer wéi eng Donnéeë verfüegt d'Regierung, wat d'Nimm vun de Leit ugeet, déi sech hei am Land bis elo géint Covid-19 impfe gelooss hunn? Wéi ginn dës Donnéeë benotzt?
- 2) U wéi eng Kategorie vu Leit ass dee genannte Bréif verschéckt ginn? Gouf dee Bréif och u Lëtzebuerger geschéckt, déi net hei am Land wunnen, bzw. u Frontalieren?
- 3) Verschidde Leit, déi dëse Bréif krut hunn, hunn doropshin d'Helpline Santé ugeruff, déi um Bréif ernimmt ass, sinn awer net duerchkomm. Kann d'Regierung preziséieren, wéi vill Leit opgrond vun dësem Bréif een Impf-Rendez-vous iwwer dës Helpline ugefrot hunn? Gouf et Reklamatioune vu Leit, déi dëse Bréif an deem Sënn mëssverstanen hunn, datt si gemengt hunn, et wier ee Rappel, fir hir Impfung opzefrëschen (3. Dose)?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten

